N°3259
Entrée le 26.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

Am Staatsbudget fënnt sech ënnert dem Artikel 41.022 de Posten „Contribution financière à divers établissements publics et Groupements d'Intérêt Economique (GIE) ayant fait l'objet d'un contrat ou d'une convention avec l'Etat". Dëse Kredit ass mat bedeitenden Zomme fir d'Joren 2024 (12.300.000 Euro) an 2025 (9.000.000 Euro) dotéiert.

De Libellé vun dësem Budgetsposten ass allgemeng gehalen a gëtt keen direkten Opschloss doriwwer, wéi eng spezifesch Strukturen dës ëffentlech Gelder kréien. Am Sënn vun der budgetärer Transparenz an der parlamentarescher Kontroll ass et awer indispensabel, genee ze wëssen, wéi dës Steiergelder verdeelt ginn a wéi eng GIEen oder ëffentlech Etablissementer konkret vun dëse Konventioune profitéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng spezifesch ëffentlech Etablissementer a Groupements d'Intérêt Economique (GIE) hunn am Joer 2024 an 2025 Finanzéierungen iwwer dëse Budgetsposte kritt a wéi héich waren déi jeeweileg Montante pro Empfänger?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

2. Op wéi enge konkrete Konventiounen oder Kontrakter baséieren dës Paiementer a wat sinn d'Lafzäite vun dësen Accorden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten